SÉANCE 19

JEUDI,
22 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé (suite)

et

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020 (suite)

- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, Mme Octavie Modert, M. Claude Haagen, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner (renvoi de la motion en commissions)*

3. Résolution de M. Laurent Mosar relative à la condamnation ferme des mesures répressives disproportionnées appliquées en Turquie depuis la tentative manquée de coup d'État militaire en juillet 2016, à la réaffirmation de l'engagement en faveur du maintien de l'ancrage de la Turquie à l'UE et au ralliement à entamer un gel temporaire des négociations d'adhésion en cours avec la Turquie

- *Exposé: M. Laurent Mosar*
- *Discussion générale: M. Marc Angel, Mme Anne Brasseur, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur la résolution (rejetée)*

4. Motion de M. Laurent Mosar relative au soutien de toutes les initiatives politiques mettant en œuvre et stabilisant un cessez-le-feu durable à Alep

- *Exposé: M. Laurent Mosar (dépôt d'une nouvelle motion)*
- *Discussion générale: M. Marc Angel, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur la motion (adoptée)*

5. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

6. 7016 - Projet de loi concernant l'organisation du temps de travail et portant modification du Code du travail

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Marc Spautz, Mme Taina Bofferding, M. Claude Lamberty, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum (dépôt de six amendements)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Amendements: M. Marc Baum, M. Georges Engel*
- *Votes sur les amendements 1 à 6 (rejetés)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Jean Asselborn, M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna et Mme Lydia Mutsch, Ministres.

(Début de la séance publique à 09.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung op.

Ech mengen, ech brauch déi klassesch Fro net ze stellen, wat d'Kommunikatioun ugeet. D'Kommunikatioun ass d'Äntwert vum Finanzminister zu den Debatten iwwert de Budget 2017. Mir sinn de Moien op der Ligne droite. An d'Wuert huet de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna, fir op d'Interventioune vun der Chamber ze äntwerten. Här Gramegna, Dir hutt d'Wuert.

2. 7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé (suite)

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016 - 2020 (suite)

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Här Premierminister, léif Kolleegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, d'Budgetsdebatt ass ëmmer e staarken an e wichtege Moment am parlamentaresche Liewen. Dat ass traditionell esou, an dat war och erëm eng Kéier dëst Joer esou, gëschter. Ech hu fonnt, dass vill kritiséiert ginn ass, vill analyséiert ginn ass, vill kommentéiert ginn ass. An dat ass och gutt esou!

Ech hunn e bësse vermësst, dass keng Géigepropositioune komm sinn. Mais j'en prends acte.

Ech wäert meng Presentatioun en fait an zwee Deeler andeelen: en éischten Deel, deen dann op d'Kriticken alleguerten oder op e groussen Deel dovunner ageet, an en zweeten Deel, wou ech awer de roude Fuedem an d'Haaptmierkmaler vun dësem Budget 2017 nach wëll eng Kéier en perspective setzen.

Den éischten Deel geet also iwwert déi Kriticken, déi gemaach gi sinn. Gott sei Dank si keng Kriticke vun de Majoritéitsparteie komm, wat ech begréissen a wat mech frou mécht. Mä et muss een awer och feststellen, dass een aus dem Ausland och keng Kriticke kritt. D'Kriticke komme just nëmme vun doheem. A wann ech dann nach eng Kéier e bëssen drop aginn, wat déi verschidden international Institutioune gesot hunn, da schwätzt dat jo awer eng kloer Sprooch.

Den FMI ass zitéiert ginn, och vun der Oppositioun, fir dann e puer Passagen erauszeplécken, wou op Risiken higewise gëtt. Ma dat ass och ganz gutt, dass op Risiken higewise gëtt. An et ass och d'Roll vum FMI, dat ze maachen. A mir huelen dat och zur Kenntnis. Mä den FMI huet awer net nëmme Kriticke gemaach. En huet ënner anerem gesot, dass eis Situation financière gesond ass an dass dat erlaabt, dass mer eng Steiersenkung zu Lëtzebuerg maachen.

D'OCDE huet eis encouragéiert, wéi alleguerten d'Länner an Europa, fir eng méi expansiv Politik ze hunn. Och dat ass eendeiteg.

An da wëll ech awer e bësse méi laang iwwert d'Europäesch Kommissioun schwätzen, well si jo schliisslech de Gardien des traités ass vun der Unioun an dorop muss oppassen, dass d'Länner alleguerten de Pacte de stabilité et de croissance sollen anhalen.

Nu seet d'Kommissioun, dass et wichteg wier, dass alleguerten d'Länner, déi d'Marge de manœuvre hunn, sollen d'Croissance relancéieren oder stäerken. A mir zu Lëtzebuerg maachen dat. Ech wëll mech net bretzen, an ech mengen, och d'Regierung wëllt sech net bretzen, well mer esou eng héich Croissance hunn. Mä ech wëll mech awer och net derfir mussen entschëllegen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Wann eng gutt Croissance zu Lëtzebuerg ass, dann ass dat och natierlech net nëmmen de Verdéngscht vun der Regierung. Dat ass de Verdéngscht vun den Entreprisen, déi gutt drop sinn, déi produktiv sinn, déi kompetitiv sinn a vill Leit astellen.

A wann ee vill Leit astellt, wéi dat zu Lëtzebuerg de Fall ass, et kann ee sech nëmmen dorobber freeën, da geet de Chômage erof. Dass een dat net ka positiv begréissen, ass fir mech e Rätsel. An ech muss lech soen, dass, wann ech mat mengen auslännesche Kolleegen zesumme sinn am Eurogroup an am Ecofin, déi beneiden eis alleguerten. Déi wéilten an där Situatioun sinn, wou Lëtzebuerg ass.

D'Kommissioun ass jo och mam gudde Beispill virgaangen, andeem se ganz am Ufank vun hirem Mandat den Europäesche Fong fir strategesch Investissementer lancéiert huet, de sougenannte Juncker-Plang. An dee fonctionnéiert och ganz gutt. A se encouragéiert natierlech d'Memberstaten, deen EFSI auszenotzen, an awer och encouragéiert se se, selwer vill ze investéieren.

Leider ass et esou, dass Europa nach haut déi Géigend an der Welt ass, déi no der Weltwirtschafts- a Finanzkris am lueste wiisst. Et ass och dofir net erstaunlech, dass deen Opruff fir den Investissement gemaach gëtt.

Ech hat a menger Ried gëschter gesot, dass an de Joren 2015, 2016 an och 2017 Lëtzebuerg op Plaz Nummer eent ass - op Plaz Nummer eent ass -, wat säi Solde structurel ubelaangt a wat seng Statsfinanze sinn. Wa mir als Land, wat d'Nummer eent ass, solle schlecht sinn, wéi d'Oppositioun dat seet, da muss et an deenen anere Länner alleguerte katastrophal sinn!

Dat heite si jo nëmme Faiten, déi Zifferen, déi d'Kommissioun op den Dësch leet. D'Ratingagencen och kucken nëmmen d'Zifferen. Déi kucken net, wien an enger Regierung vertrueden ass. Si kucken d'plakeg Zifferen. An alleguerten d'Agencë ginn eis en Triple-A mat stabler Previsioun. Dat ass déi bescht Nott, déi ee ka kréien.

Loosst mech elo e bëssen op d'Kriticken agoen, déi vun de Beruffschambere gemaach gi sinn. Déi sinn heiansdo emol zitéiert ginn, awer net ganz vill. Ech stelle Folgendes fest: dass d'Beruffschamberen, déi dem Patronat méi nostinn, explizitt begréissen, dass den Investissement esou héich ass. An trotzdeem, dass en esou héich ass, fanne se, dass en nach ëmmer net héich genuch ass, a froen, dass mer nach méi sollte maachen. Am selwechten Otemzuch soen déiselwecht Beruffschamberen, déi no beim Patronat stinn, dass eisen Defizit ze héich ass. Jo, et kann een net dat eent soen an dann de Géigendeel verlaangen!

Wann ech och kucken, wat iwwert d'Steierreform gesot ginn ass, hunn och déi Chambere gefuerdert, dass vill méi misst fir d'Entreprisë

gemaach ginn, dass deenen hir Steierlaascht misst ëm Honnerten an Honnerte Millioune reduzéiert ginn. An da schreiwe se an de Budgetsavis, dass eisen Defizit ze grouss ass. Dat ass net kohärent.

Wann ech kucken, wat d'Chambre des Salariés seet: Si begréisst eng ganz Rëtsch Saachen, déi mer an der Steierreform hunn an an dësem Budget, dat ass jo matenee verbonnen, fannen, dass et net wäit genuch geet. Dat kann een novollzéien. Si setze sech a fir d'Salariéen an hätten am léifsten, dass nach méi do soll gemaach ginn. Mä méi kann de Moment net gemaach ginn, soss wär eise Budget net nohalteg.

Ech kommen elo zu de Kriticke vun der Oppositioun. Ech fannen et dat Normaalst an der Welt, dass de Budget vun enger Regierung kritiséiert gëtt. A well de Budget d'Réckgrat ass vun der Politik, déi eng Regierung mécht, ass et jo ganz verständlech, dass een de Budget net ka stëmmen an dass een do sech opposéiert.

Ech stelle fest, dass eng Partei an der Oppositioun, an zwar déi Lénk gesot hunn, dass d'Statsfinanze gesond sinn. Op deem Punkt si mer eis eens. Dat ass jo och net ëmmer, wou mer eis eens si mat deene Lénken, mä hei si mer eis emol eng Kéier eens.

Dass déi Parteien, déi ni an der Regierungsverantwortung waren, alles kritiséieren an de Contraire, ass och e Klassiker. Mä dass déi Partei, déi 34 Joer laang de Premierminister gestallt huet an de Finanzminister gestallt huet, systematesch a pauschal alles um Budget kritiséiert, fannen ech net ganz konstruktiv.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Der Positioun vun der CSV feelt et wierklech u Kredibilitéit. An ech wëll hei dräi Elementer opzielen, déi dat ënnermolen. Mat Ausnam vum Sukuk vun 200 Milliounen huet dës Regierung keng Schold gemaach. Dat heescht: Déi ronn 11 Milliarde Scholden, déi mer hunn, déi si vun der CSV a vun deene viregte Regierunge getätegt ginn.

Zweetens: Ech rappeléieren et ëmmer erëm, dass mer jo eng schéi Lee krute vun enger Milliard, déi géif verschwannen an der TVA électronique, an do ass net anticipéiert ginn, obwuel dat laang gewosst war. A mir hunn d'Schierbele missten erëm zesummemaachen.

Drëtte Punkt, an dat ass awer fir mech deen allerwichtegsten, vun deem, a mengen Aen, net genuch geschwat gëtt. Dat ass, dass am Abrëll vum Joer 2013 déi viregt Regierung an déi deemoleg Responsabel fir d'Finanzen an de Budget op Bréissel geschriwwen hunn, fir ze soen: „Mir wäerten an Zukunft de Stabilitéits- a Wuesstumspakt net anhale méi. Fir d'Éischt an eiser Geschicht! Mä maacht lech keng Suergen, mir wäerte Mesuren huelen, dass mer 2016 oder 2017 erëm positiv dostinn an de Pakt erëm anhalen!"

Jo, dann ass et awer net kredibel, fir dës Regierung esou hefteg an esou generell ze kritiséieren, déi et jo fäerdegbruecht huet, dass mer net aus der Bunn gerode sinn an dass mer bis 2018 einwandfrei dostinn.

Et ass gesot ginn, an ech si frou driwwer, dass den Här Frieden den Triple-A gerett huet an dass mir dee geierft hunn. Dat ass richteg an doriwwer solle mer eis freeën. Mä ech kann lech awer soen, dass, wa mer dat gemaach hätten, wat déi viregt Regierung am Abrëll 2013 gesot hat, dass mer géifen de Stabilitéitspakt verloossen, dann hätte mer den Triple-A ganz séier verluer.

Ech géif gären e bësse méi laang iwwert den Objectif à moyen terme schwätzen, well dat jo en fait d'Kärstéck ass vun der Europapolitik an d'Manéier, wéi gemooss gëtt, ob e Land seng Finanzen am Grëff huet an och d'Regele respektéiert. Den Objectif à moyen terme gëtt all dräi Joer vun der Kommissioun fixéiert. En ass dëst Joer fir Lëtzebuerg op minus 0,5% vun eisem Räichtum vun der Kommissioun, onofhängeg vun ons, fixéiert ginn. Wat huet dës Regierung gemaach? Si huet gesot: „Majo, wann d'Kommissioun eis dat doten Zil gëtt, dann alignéiere mir eis op dat Zil a mir respektéieren dat Zil."

Firwat hu mer dat gemaach? Net nëmmen, wéi Verschiddener dat hei ënnerstellen oder gesot hunn, well mir eis d'Liewe wollte méi einfach maachen, mä haaptsächlech: Als Finanzminister hunn ech nëmmlech wierklech léiwer, wann den Objectif à moyen terme méi streng ass, mä als Finanzminister muss ech awer och feststellen, dass, wann ech mer en Zil géif ginn, wat méi héich ass wéi dat, wat obligatoresch ass, da ginn ech gemooss op deem méi héijen Zil. A wann ech dann op deem méi héijen Zil heiansdo eng Pann hunn, da geroden ech aus dem Pacte de stabilité eraus an da ka mer d'Ausland, d'Kommissioun, Mesuren imposéieren. An dat, well ech mer Ziler ginn hunn, déi méi héich si wéi déi, déi ech misst hunn. Dofir, aus Grënn vun der Souveränitéit vun eisem eegene Land, hu mer dach keen Intérêt, dat ze maachen!

Ech fannen et awer richteg, wa gesot gëtt, an d'CSV huet dat gesot, dass ee soll méi en ambitiéist Zil hunn, intern. An Dir sot, wann Dir un der Muecht wiert, da géift Dir en Zil vu plus 0,25% maachen. Eh bien, ech kann lech soen, dës Regierung mécht dat! Kuckt op eis Zifferen! Eise Solde structurel, dee schwaachsten Taux, dee mer hunn, ass 0,2%. Plus 0,2%! Dat heescht, mir maachen an där Hisiicht eng ganz prudent Politik.

Wann ech op eng e bëssen humoristesch Aart a Weis dat kéint resüméieren, wat d'CSV eis seet, da géif ech soen, dass d'CSV Folgendes mécht - seet -, seet plutôt: „Maacht wat ech soen, mä maacht net, wat ech gemaach hunn!"

D'Bild, wat mer hei kréien, ass, wann een der Oppositioun nolauschtert, wierklech inkomplett. Ech mengen, iergendwéi ass eng Amnesie op d'Oppositioun gefall fir d'Joren 2014, '15 a '16, well si hu vun deenen dräi Jore praktesch net geschwat! Si hunn net driwwer geschwat, well do ass vill Guddes geschitt. Do hu mer nëmmlech d'Statsfinanze sanéiert. Déi sinn haut am Équiliber. Mir respektéieren de Pacte de stabilité et de croissance.

Mir wëssen, dass et Risike gëtt, an ech hu se selwer a menger Ried opgezielt. Et gëtt der eng ganz Rëtsch. Ech widderhuele se net, si sinn en long et en large zitéiert ginn, a se si berechtegt. Ech hunn awer och déi positiv Saachen erausgeschielt. Et ass nëmmlech wichteg, dass een de Leit en équilibréiert Bild gëtt, dass een hinnen d'Saachen erzielt, esou wéi se sinn, se net schéiriet, mä se awer och net schlechtriet. Mir sollen net an den Negativismus verfalen oder den Däiwel un d'Wand molen. Eisem Land geet et, relativ gesinn, par rapport zum Ausland gutt. A mir hunn eis elo mat der Sanéierung vun de Statsfinanzen deen néidege Raum, deen néidege Sputt erschafft.

Ech kommen dann zum zweeten Deel vu menger Ried. Dat ass e Rappell vun eiser Budgetspolitik, de roude Fuedem. Dat si véier ganz einfach lddien: 1) d'Statsfinanze sanéieren, 2) méi investéieren, 3) eng Sozialpolitik weiderféieren a 4) Kompetitivitéit.

Zum Sanéiere vum Statsbudget: Dat ass net vum selwe geschitt! Dat ass net geschitt, well d'Konjunktur esou gutt war. Well wann dat esou einfach gewiescht wier, dann hätte mir jo och keen Zukunftspak misse maachen. Or deen Zukunftspak, dee jo beileiwen net dat Populärst ass, wat een an der Welt ka maachen, deen ass jo ofgeleent gi vun der Oppositioun. Dat ass hiert gutt Recht. An op eng relativ cocasse Aart a Weis freet se eis regelméisseg, wou mer dann dru si mat deem Zukunftspak, fir ze wëssen, ob mer en da wierklech ëmsetzen. An ech muss lech do soen: Mir hunn do guer näischt ze verstoppen, well mir schaffen transparent! Mir hunn dee Plang op den Dësch geluecht virun dräi Joer a mir sinn amgaangen, deen ëmzesetzen.

Jo, et kann ee wahrscheinlech déi eng oder déi aner kleng Mesure fannen, wou een da seet: „Déi doten hutt Der net ëmgesat." Dont acte! Mä da kommt, mir kucken awer d'Resultater, déi mer erreecht hunn! An och gëschter hate mer, duerch den Zoufall vum Kalenner e Mëttwoch, gëschter Mëttwoch moies, d'Adoptioun vun de Konte vun 2015. A wat hu mer do gesinn? Dass den Defizit, amplaz, dass en 800 Milliounen no den europäesche Regele gi wier, wéi virgesinn, nëmmen 200 Milliounen ass! A wat hat ech do ënnerstrach? D'Resultat ass dräi Véirel besser ginn, aus welcher Explikatioun? Eh bien, 70% vun der Explikatioun kommen, well d'Dépensë manner gewuess si wéi virgesinn, a mir hate se scho relativ niddreg ugesat, an 30% wéinst der Konjunktur. Et ass also falsch, fir ze soen, dass et nëmmen déi gutt Wirtschaftslag ass, déi eis hei hëlleft.

An elo vläicht nach eng Kéier d'Eckwäerter, déi d'Regierung sech ginn huet, wat d'Verschëldung ubelaangt, well hei ginn och Kommentare gemaach, déi net korrekt sinn. Dës Regierung huet ni gesot - ni gesot -, si géif keng Emprunte méi ophuelen. Si huet och ni gesot, dass se wéilt d'absolutt Schold vum Land erofsetzen. Dofir, wann d'Oppositioun seet: „Fir mech ass dat de Moossstaf", kann d'Oppositioun dat soen, mä dat ass net eis Politik! Mä wat mer gesot hunn am Regierungsprogramm ass, dass mer wéilten à tout moment an der Legislaturperiod ënner 30% Schold hu par rapport zu eisem Räichtum.

A wou sti mer haut? Haut sti mer, am Dezember 2016, bei 20% Verschëldung - 3% besser - par rapport zu eisem Räichtum. An, par la bande soen ech awer dann och, dass mer et fäerdegbruecht hunn, souguer am Absolutte manner Schold ze hunn, obwuel dat net eist Zil war, well mer och nach en Emprunt vu 400 Milliounen dëst Joer rembourséiert hunn. Et ass jo nach besser, d'Resultat.

Mä eist Zil ass et net, onbedéngt elo déi absolutt Schold ze begrenzen, guer net! An déi Politik, déi mer verfollegt hunn à court terme, géif ech awer och gär nach eng Kéier hei erklären, well si ass vun der Oppositioun kritiséiert ginn. Wéi gesot, et ass hiert gutt Recht, mä ech wëll dofir dat an dee richtege Kontext setzen.

Et ass gesot ginn, dass mer am Joer 2016 eelefmol Recours haten op eng Kredittlinn, déi iwwregens null kascht, null Prozent. Dat ass richteg. Mä mir sinn och eelefmol aus dem Negativen erëm an de Positive gaangen. Dofir konnt ech och gëschter soen: „Mir sinn haut op null, wat d'Kreditter ubelaangt." Mir brauchen, op den Dag vu gëschter, keng Kredittlinn! Well mer Schwankungen hu ronderëm null! A firwat soll ech dann, oder soll de Stat da sech laangfristeg verschëlde goen an e groussen Emprunt ophuelen, wou en dann Intérêten drop bezilt, wann e kann à court terme zu null geléint kréien?! Do hu mer d'Milliounen Zënse gespuert. An dozou stinn ech!

Dass mer d'nächst Joer léine ginn, ass guer keen Zweifel. Mir wäerten dat maachen, mir assuméieren dat. Mä ech wëll awer an engems soen, dass mer mussen och eis bewosst sinn, dass mer e Spillraum hunn, mä deen ass awer och zu engem gewëssenen Deel limitéiert. Ech wëll d'Saach hei net méi schéiriede wéi se ass! Mir hunn d'nächst Joer eng Milliard Schold am Zentralstat. An dofir musse mer oppassen, dass mer dat uerdentlech ëmsetzen an dass mer eis Dépensen am Grëff behalen, well doriwwer ewech däerfe mer net goen. Als Finanzminister ass dat mer natierlech ganz wäertvoll.

A wou lande mer dann 2020 mat de Previsiounen, wéi mer se haut hunn? Majo, bei enger Verschëldung vun 22% vun eisem Räichtum; dat ass déi Ziffer, déi ech lech gëschter ginn hunn, dat ass déi aktuellst, déi mer hunn. Dat ass also 1% manner wéi dat, wat mer geierft hunn: Do ware mer bei 23%. An dat ass da wäit ënnert den 30%, déi mir eis als internt Zil ginn hunn. Hei ass och iwwregens en exzellent Beispill, wéi dës Regierung sech en internt Zil gëtt, wat vill méi streng ass wéi dat vun Europa, well mir wëssen, an Europa ass d'Grenz bei 60%.

Loosst mech nach, an dat ass dann den Iwwergang op den zweete wichtege Punkt vun dësem Budget, eppes iwwert den Investissement soen. Ech hunn dat gëschter ënnerstrach, ech wëll dat haut och nach eng Kéier soen:

Mir finanzéieren iwwer fënnef Joer ongefëier zéng Milliarden Investissements publics. Dovunner wäerte mer ronn ee Véierel mat Schold finanzéieren an dräi Véierel mat eise lafende Recetten. Dat ass en Dramresultat, muss ech lech soen! Dat huet kee Land! Déi viregt Regierung huet an enger Legislaturperiod och vill investéiert, aacht Milliarden, an huet 60% geléint a 40% selwer finanzéiert. Ech mengen, déi Ziffere sinn net contestabel a weisen, dass mer eng prudent Politik hunn.

Zum Investissement wëll ech e puer Wuert soen, well et ass de Schlëssel vun dësem Budget. Punkt Nummer eent ass: En Investissement ass net eng lafend Dépense! Dat muss ee ganz anescht considéréiere wéi einfach lafend Käschten. Wat brëngt den Investissement? Den Investissement brëngt Innovatioun, e brëngt Kompetitivitéit, en erlaabt, méi a Besseres fir de Klimaschutz, fir den Ëmweltschutz a fir de Waasserschutz ze maachen, an en erlaabt, méi a besser Infrastrukturen ze hunn, a leschtens, en erhéicht eis Liewensqualitéit. Dofir soll ee sech iwwer all Euro, deen investéiert gëtt, freeën!

Den drëtte Punkt ass en traditionellen: Mir sinn eng Regierung, déi vill Soziales mécht. Bal d'Halschent vum Budget ass deem gewidmet. Doriwwer freeë mer eis och an dat soll esou weidergoen. Ech hu gëschter a menger Ried déi wichtegst Elementer erausgeschielt, wou ganz grouss Erhéijunge vu Prestatioune virgesi sinn, ob dat elo Congé parental ass oder ob dat och d'Formation multilingue ass an dem Précoce.

Véierte Punkt, d'Kompetitivitéit, an et ass och dee leschten an ech kommen dann och op de Schluss, Här President.

Wann eng Wirtschaft wéi déi vu Lëtzebuerg 4% wiisst, dann ass dat jo en Zeechen, dass et deene meeschten Entreprisen, net hinnen alleguerten, mä awer deene meeschten Entreprisë gutt geet. Dat ass awer och en Zeechen an engem Land, wat e ganz klenge Marché intérieur huet - e ganz klenge Marché intérieur -, wann dee mat 4% wiisst, jo, dann ass dat en Zeechen, dass vill Leit op Lëtzebuerg net nëmmen kafe kommen, mä investéiere kommen. A wa vill Entreprisen zu Lëtzebuerg investéieren, ass dat en Zeechen, dass mer attraktiv sinn an dass mer kompetitiv sinn! A mir gesinn en Trend, de Wirtschaftsminister an ech, dass mer immens vill sollicitéiert gi sinn an deene leschten zwielef Méint, vill méi wéi virdrun. A wéi gesot, doriwwer soll ee sech freeën, dat ass eng positiv Saach.

Ee Wuert iwwert d'Finanzplaz, wat eise wichtegste Secteur ass: Der Finanzplaz geet et gutt - mir hunn dat an der Kompetitivitéitsdebatt en long et en large gesot - an zwar trotz ganz schwiereger internationaler geopolitescher Lag, trotz niddregen Zënsen, trotz Iwwerreguléierung an deem Secteur, dee ganz deier kascht, an trotz - oder soll ech soen „dank"? - der Transparenz an Tax-Saachen, déi dës Regierung gewisen huet.

Als Konklusioun: Eis wirtschaftlech a Finanzlag ass haut vill besser wéi 2013, an dat justifiéiert, dass hei e Budget gemaach gëtt, wéi en ass.

Zweetens: De Budget suergt fir Kohärenz an eiser Regierungspolitik an et ass en fait d'Réckgrat vun eiser Politik.

Dëse Budget ass gutt fir d'Leit, en ass gutt fir d'Entreprisen, en ass och positiv fir eis Kanner dank den héijen Investitiounen. Am Resümee: Dat heiten ass dee richtege Budget am richtege Moment!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Finanzminister. Ech ginn dovun aus, dass mer um Enn vun eisen Debatten ukomm sinn an dass mer elo kënnen iwwert de Budget an iwwert d'pluriannuel Finanzplanung ofstëmmen.

Mir géifen da fir d'Éischt iwwert de Projet de loi 7050 ofstëmmen an dann duerno iwwert de 7051.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7050 et dispense du second vote constitutionnel

Ech lancéieren d'Ofstëmmung. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Budget 2017 ass mat 32 Jo-Stëmmen, bei 28 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

Plusieurs voix.- Jo.

D'autres voix.- Neen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen? Dir wäert jo net verlaangen, dass ech nach eng Kéier ofstëmme loossen? Schenkt Der mer Vertrauen?

(Assentiment et brouhaha)

Gutt. Da ginn ech dovun aus, dass mer och eng Majoritéit hunn, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen. Villmools Merci.

A mir géifen dann op de Projet de loi 7051 iwwergoen.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Neen, neen! Mir huelen d'Motioun hannendrun, no de Votten, gell? Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Déi zwee hänke jo zesummen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Entschëllegt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen, et ass kee Problem.

Mir géifen dann de Projet 7051 betreffend d'pluriannuel Finanzplanung zur Ofstëmmung brëngen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7051 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

An d'Resultat ass datselwecht: 32 Jo-Stëmmen an 28 Nee-Stëmmen. Domat ass och de Projet 7051 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers (par Mme Diane Adehm), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Gilles Roth) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech gi jo dann dovun aus, dass mer kënnen d'Dispens vum zweete Vott froen. Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zur Motioun iwwergoen.

Motion 1

Här Rapporteur, kann ech dovun ausgoen, dass se motivéiert ass?

(Assentiment)

Vläicht e Wuert vun der Regierung zu der Motioun?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* Merci, Här President. Déi Motioun iwwert den Télétravail, déi de Rapporteur Claude Haagen déposéiert huet, ass eng gutt Initiativ. Et ass näämlech eng Aarbechtsform, déi mer mussen zu Lëtzebuerg méi verbreeden, déi der digitaler Ekonomie ganz natierlech verwandt ass an déi natierlech och eis Stroossen an eis Transportweeër erliichtert, erliichtere wäert.

Et ass esou, dass och am Privatsecteur den Télétravail ëmmer méi gefërdert gëtt. D'UEL huet och an deem Domän en Accord fonnt mat de Sozialpartner an dat ass dëst Joer 2016 geschitt.

Et ass och esou, dass mer an der Fonction publique eng Phase pilote de Moment lafen hunn am Centre informatique de l'État. Dat verleeft gutt an do waarde mer, fir kënne Konklusiounen draus ze zéien, wéi dat sech duerchgespillt huet.

A schlussendlech menge mer effektiv, dass och an der Fonction publique Potenzial ass, fir méi Télétravail ze maachen. Dofir géif ech fannen, dass et eng gutt Saach wier, dës Motioun ze ënnerstëtzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Sinn nach weider Wuertmeldungen? D'Madamm Modert.

Mme Octavie Modert *(CSV).-* Merci, Här President. Och d'CSV ass fir den Télétravail. Grad wéi si an der Regierung war, ënner anerem eng Kéier mat der DP, eng Kéier mat der LSAP, sinn och Moossnamen an deem Kontext gemaach gewiescht ginn:

Ech erënneren drun, datt et an de Statut ageschriwwe ginn ass 2003; dunn hat d'DP de Fonction-publiques-Minister.

Ech erënneren drun, datt an der Legislaturperiod 2004-2009 Pilotprojeten am ëffentlechen Déngscht gemaach gi sinn; ech erënnere mech zum Beispill dorunner, datt dat am SER de Fall war. Dorauser ass och e Règlement grand-ducal entstanen, deen ass vum 10. Oktober 2012, sou datt Der gesitt, datt et ëmmer eng gemeinsam Suerg war, fir den Télétravail ze förderen, déi vu ville Leit gedeelt ginn ass. Dir gesitt also, datt och d'CSV den Télétravail ënnerstëtzt grad wéi déi aner och.

Mä mir verstinn dohier dës Motioun net: entweder wëllt hei d'Rad vun der Zäit zréckgedréit ginn, oder si ass falsch. Ech hunn elo grad déi Moossnamen opgezielt, déi et scho ginn, déi et fir den ëffentlechen Déngscht ginn. Déi hunn e legalen a reglementaresche Kader. Dofir kann ech mer näischt Richteges ënnert dëser Motioun virstellen, wou drasteet, et sollt een emol Pilotprojete maache beim Stat - or, déi sinn et scho ginn -, et sollt een an der Administration publique de Potentiel stäerken - domadder kann ee sech ëmmer d'accord erklären - an et sollt ee Recommandatiounen erausginn.

Ech verstinn och net, firwat déi Motioun sech just op den ëffentlechen Déngscht beschränkt an net awer och nach doriwwer erausgeet. Well wa mer schwätze vu Cadre légal, deen ee kéint nach besser maachen am Beräich vum Droit fiscal, vun der Sécurité sociale an esou weider, dann ass dat sécherlech de Fall grad och am Beräich vum Privatsecteur, wou ganz vill Grenzgänger bestëmmt kéinte ganz gutt profitéiere vum Télétravail.

Fir déi Froen do vläicht méi genau erkläert ze kréien, ausser mir géifen dat elo haut kënnen hei beim Mikro gemaach kréien, géif d'CSV virschloen, datt mer d'Motioun vläicht géifen an déi zwou Kommissiounen huelen, wou mer da kéinte méi am Detail driwwer schwätzen, wat de Rapporteur vum Budget, deen och d'Motioun hei hannerluecht huet, géif dorënner verstoen, fir datt een da vläicht eng gemeinsam Aktioun tatsächlech dorauser géif kënne maachen. Well esou, wéi et elo hei steet, ass et am Fong: Déi Saachen, déi sinn do, déi hei gefrot ginn, déi besti schonn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Weider Wuertmeldungen? Den Här Rapporteur, wëllt e vläicht drop reagéieren?

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.-* Jo, Merci. Also vun dëser Motioun war de Sënn, fir ganz einfach ze kucken, datt éischtens déi Analys poursuivéiert gëtt an der Fonction publique, well ausser deem Règlement grand-ducal, deen Dir ugeschwat hutt, ass et duerno nach e Règlement grand-ducal gi vum 15. März 2016, wou dat Ganzt natierlech och nach eng Kéier preziséiert gëtt. An an deem Règlement grand-ducal ass d'Fonction publique näämlech net dran, op Basis vun deem Accord vun der UEL a vun de Gewerkschaften.

Et ass awer richteg, datt e virdru gemaach ginn ass. Mir wollten dat heiten elo nach eng Kéier - oder ech perséinlech -, nach eng Kéier pousséieren, fir op dee Wee ze goen, notamment och fir e Signal ze setzen, och am Secteur privé.

Dir wësst, wann Télétravail gemaach gëtt, dann ass et och esou, datt et nëmme kann a verschiddene Secteure gemaach ginn, do wou et iwwerhaapt méiglech ass, haaptsächlech an administrative Beruffer. A wann dat pousséiert soll ginn, zum Beispill um Niveau vu Leit, vu Frontalieren, dann ass et kloer, datt et och steierlech encadréiert muss ginn, well mer aner steierlech Moossnamen hunn, wa mer a Frankräich sinn, wann Télétravail gemaach gëtt, deemno wat fir eng Durée datt et ass, wéi an der Belsch, wéi an Däitschland. Dat heescht, et ass och an deem Sënn, wou dat Ganzt soll gekuckt ginn.

Ech hunn absolutt kee Problem, wa mer dat an deenen zoustännege Kommissioune maachen, fir de gesetzleche Kader ze kreéieren, fir ganz einfach den Télétravail ze pousséieren an deenen doten Domänen, notamment steierlech, awer och aarbechtsrechtlech an och beteffend d'Disponibilitéit, well dat awer trotzdeem kënnt. An iwwert d'Fonction publique kann een natierlech herno goen, fir am Secteur privé, wou dat muss nogekuckt ginn, och gesetzlech verankert ginn oder encadréiert ginn, fir dat do ze analyséieren.

Dofir ass guer kee Problem, fir dat an déi zoustänneg Kommissiounen ze ginn.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Dat heescht, wann ech dat richteg verstanen hunn, stëmme mer net iwwert d'Motioun of.

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.-* Mir maachen e Renvoi an d'Kommissiounen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ass dat am Sënn vun der...?

Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Merci, Här President. Ech si frou, datt mer elo deen dote Wee fonnt hunn. Mir hunn déi Motioun do zougestallt kritt elo gëschter oder virgëschter. Mir hate se och an der Finanzkommissioun undiskutéiert a mir hate se gëschter zougestallt kritt, fir se eventuell ze ënnerschreiwen. Mir hu se net matënnerschriwwen, well ech och an der Kommissioun gesot hunn, datt ech et net dee richtege Wee fannen, datt eng Finanzkommissioun eng Motioun eragëtt iwwert d'Fonction publique, ouni datt déi an där zoustänneger Kommissioun behandelt ginn ass.

Ech sinn der Meenung, datt d'Finanzkommissioun soll Saachen als Motioun eraginn, déi direkt d'Finanzen ubelaangen, an datt déi eenzel Ressortkommissioune solle Motiounen eraginn, déi si betreffen. Duerfir hu mir déi Motioun net ënnerschriwwen, quitte datt mer mam Inhalt averstane sinn. An duerfir sinn ech elo frou, datt mer awer elo zu där Konklusioun komm sinn, datt déi zoustänneg Kommissioun sech soll fir d'Éischt ëm déi Motioun bekëmmeren, ier mer se hei an der Chamber zum Vott brëngen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Den Här Wagner huet d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Jo, Merci, Här President. Also mir sinn och ganz zefridden u sech mat deem, wat elo hei décidéiert ginn ass, fir déi Motioun ze diskutéieren an enger Kommissioun. Well ech mengen, datt déi Fro vum Télétravail net anodin ass, plus spécifiquement elo an der Fonction publique, mä souwisou en général, an datt een natierlech net prinzipiell géint den Télétravail ka sinn, well en enger Partie Besoinen och kann entsprieche vun de Leit, mä datt sech awer och eng Partie Saachen, eng Partie Geforen deemno wéi, och nach derhannert verstoppen, iwwert déi ee muss kënnen diskutéieren.

Natierlech, och d'Motioun gesäit vir, datt een dat mat de Gewerkschaften a mat de Salariatsvertrieder diskutéiert, wat och korrekt ass. Also d'Motioun geet u sech och éischter an déi richteg Richtung. Mä ech mengen, et ass gutt, datt mer déi Diskussioun e bësse méi approfondéieren.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Majo, dann ass dat, wann d'Chamber do dermat d'accord ass, esou décidéiert: Mir géifen d'Motioun an déi zoustänneg Kommissiounen iwwermëttelen. Merci villmools.

Domat wäre mer um Enn vun eise Budgetsdiskussiounen ukomm. Ech soen de Kolleege villmools Merci, och selbstverständlech der Regierung, fir déi dauernd Präsenz, a wa mer eis net méi sollte gesinn, alles Gutts!

(Brouhaha et hilarité)

A mir fueren da weider mat eisem...

(Interruptions)

Neen, Dir kënnt roueg bleiwen, Dir sidd häerzlech wëllkomm!

(Hilarité)

Dir sidd selbstverständlech häerzlech wëllkomm!

Mir géifen dann zu deem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Mir hunn eng Resolutioun an eng Motioun um Programm a géife mat der Resolutioun ufänken, déi vum Deputéierte Laurent Mosar abruecht ginn ass an ëm déi Evenementer an der Türkei an d'Konsequenzen, déi mer sollten doraus zéien, dréit. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

3. Résolution de M. Laurent Mosar relative à la condamnation ferme des mesures répressives disproportionnées appliquées en Turquie depuis la tentative manquée de coup d'État militaire en juillet 2016, à la réaffirmation de l'engagement en faveur du maintien de l'ancrage de la Turquie à l'UE et au ralliement à entamer un gel temporaire des négociations d'adhésion en cours avec la Turquie

(Résolution déposée en séance publique n°9 du 24 novembre 2016 - à consulter au compte rendu n°4/2016-2017 en page 108)

Exposé

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur.-* Här President, Här Ausseminister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, viru gutt véier Wochen hu mer hei an der Chamber à l'unanimité eng Resolutioun zu der besuergniserreegender Situatioun an der Türkei ugeholl. Gläichzäiteg ass awer eng Resolutioun vun eiser Fraktioun iwwert d'Äfréiere vun de Bäitrëttsgespréicher mat der Türkei vun enger Majoritéit ofgeleent ginn.

Mir hunn eis dozou entschloss, eng nei Resolutioun eranzebréngen, déi nach eng Kéier freet, datt dës Bäitrëttsgespréicher op Ais solle geluecht ginn. Dës Resolutioun ass wuertgenau déi, déi vun enger iwwerwältegender Majoritéit am Europaparlament ugeholl ginn ass, a bei deem Vott hunn all déi grouss Parteifamilljen, déi och hei am Haus vertruede sinn, matgestëmmt.

Firwat, Här President, dës nei Initiativ? Ma mir stelle fest, datt sech d'Situatioun an der Türkei all Dag verschlechtert an den Här Erdoğan sech ëmmer méi wäit vun de Wäerter vun enger Europäescher Unioun ewechbeweegt. 100.000 Statsbeamte sinn entre-tremps aus dem Statsdéngscht entlooss ginn, dorënner Riichter, Membere vun der Arméi an der Police, awer och vill Oppositiounsdeputéierter, déi einfach emol esou, ouni weidere Prozess, verhaft gi sinn!

Derniewent besteet d'Meenungs- an d'Pressefräiheet just nach um Pabeier an international Journalisteverbänn schwätzen am Kontext vun der Türkei vum gréisste Prisong op der Welt fir Journalisten.

Ech wëll hei net weider op déi deelweis dramatesch Situatioun vun de kurdesche Minoritéiten an der Türkei hiweisen, wou verschidde Mënscherechtsorganisatioune scho vun Horrorzeenarie schwätzen.

An als Kiischt op dem Kuch, wann ech dat kann esou soen, proposéiert dann den Här Erdoğan och nach d'Aféiere vun der Doudesstrof a wëllt doriwwer eraus d'Statsgrenzen, esou wéi se an de Verträg vu Lausanne festgeluecht sinn, erëm a Fro stellen.

Mir sinn also ganz wäit ewech vun deem, wat de Statsgrënner vun där moderner Türkei, den Atatürk, eng Kéier als déi grouss Ambitioun vun der Türkei definéiert hat, näämlech Fridden doheem a Fridden an der Welt.

Här President, d'Türkei beweegt sech säit enger Rei vu Joren ewech vun der EU. An dat ass einfach eng Realitéit, där mer eis alleguerte musse stellen! D'Situatioun huet sech allerdéngs an deene leschte Wochen ëmmer méi zougespëtzt. D'Regierung Erdoğan ass amgaang, mat allen demokratesche Wäerter ze briechen, a steiert schnurstracks an eng Diktatur.

Et muss ee wëssen, datt et eigentlech dem Här Erdoğan nëmmen ëm den Erhalt vu senger Muecht geet, a säi Verhalen ass net eng Reaktioun op e Putschversuch, mä ass selwer e Putsch géint d'Demokratie.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur.-* Trotz onzielege Warnunge vun héchsten EU-Vertrieder fiert den Här Erdoğan konsequent viru mat dëser Politik, déi längst de Wee vun der Rechtsstaatlechkeet verlooss huet.

Wat fir eis awer en absolutten No-Go ass, dat ass déi Aart a Weis, wéi europäesch Spëtzepolitiker vun hiren Homologen an der Türkei deelweis erniddregt ginn, wéi mer bei enger rezenter Visitt vum däitschen Ausseminister Steinmeier leider hu misse feststellen. Duerfir huet dann och eng iwwerwältegend Majoritéit vun den Europadeputéierte gesot, gradesou wéi meng Fraktioun et och elo seet: „De Point de non-retour ass einfach hei iwwerschratt."

All Gespréicher mam Här Erdoğan hunn d'EU bis elo kee Millimeter weiderbruecht. Au contraire, den Här Erdoğan setzt sech iwwer all rechtsstaatlech Prinzipie weider ewech a mécht alles, fir d'Europäesch Unioun ze provozéieren a lächerlech ze maachen.

Duerfir si mir grad wéi d'Europaparlament der Meenung, datt mer der Türkei eng staark Äntwert musse ginn. An dat ka fir eis nëmmen elo emol e Stopp vun de Bäitrëttsverhandlunge sinn. Alles aneschters wär en Aknécke virun den Erpressungsversich vun der Erdoğan-Regierung an domadder verbonnen och e substanzielle Verloscht vun der Glafwierdegkeet vun der Europäescher Unioun an hiren eenzelne Memberstaten.

Mä e Stopp vun de Bäitrëttsverhandlungen, Här President, bedeit fir eis weder en Ofbroch nach en Enn vum Dialog mat der Türkei. Au contraire! Mir sinn nohalteg der Meenung, datt en Dialog op villen Niveaue mat dësem Land a senger Regierung muss virugeféiert ginn, sief dat an der NATO, am Conseil de l'Europe, am Kader vum Flüchtlingsaccord a last but not least am Kader vun där neier Zollunioun, déi am Moment jo soll verhandelt ginn.

Ech deelen duerfir och net d'Meenung vum Här Ausseminister, datt e Stopp vun de Bäitrëttsverhandlunge gläichzäiteg e Stopp vum Dialog mat der Türkei an hirer Regierung géif bedeiten. Mir si just, gradesou wéi d'Europaparlament, der Meenung, datt d'Bäitrëttsverhandlungen zu dësem Moment keng glafwierdeg Grondlag méi hunn an datt mer se net kënne viruféieren ouni de Risk vun engem Verloscht vun eiser Glafwierdegkeet.

Europa brauch weider d'Türkei als Partner, esou wéi d'Türkei Europa als Partner brauch. Allerdéngs setzt eng gutt Partnerschaft en éier-